N°3926
Entrée le 15.05.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère du Travail

**Réponse du Ministre du Travail à la question parlementaire N°3926 du 15 avril 2026 de l'honorable Député Marc GOERGEN concernant « Paiement des allocations de chômage ».**

**Fro: Ass et dëse Mount zu Verspéidungen bei der Ausbezuelung vum Chômage komm? Falls jo, wat sinn d'Grënn dofir?**

Zu dem ugekennegten an geplangten 8. Abrëll 2026 (5. Schaffdag vum Mount), sin 8.183 Chômage-Indemnitéiten vum Mount März fir insgesamt 18.381.327,86€ ausbezuelt gin.

Well während den Ouschterdeeg an nach kurz durno, nach verschidden Korrekturen agefouert goufen, déi déi richteg Berechnung vun den Indemnitéiten garantéieren, e.a. déi korrekt Berechnung vun der Assurance dépendance, ass ausnahmsweis den 9. Abrëll 2026, mat engem Dag Retard op den ugekennegten Paiementsdag, nach en zousätzlecht Paiement fir 2.731 Chômage-Indemnitéiten vum Mount März fir insgesamt 7.027.000,34€ gemach gin.

Während desen 2 Deeg huet d'Tresorerie de l'Etat déi verschidden Iwwerweisungen exekutéiert, an je no Destinatiounsbank vum Bénéficiaire, ass den Betrag eréischt 1 bis 2 Schaffdeeg méi spéit op dem Bankkonto vum Bénéficiaire gudgeschriwwen gin.

Betreffend d'Instruktioun vun den neien Chômage-Demanden, sin den 11. Mee 2026 nach 219 Demanden an der Instruktioun, déi méi âl ewéi 30 Deeg sin, dovun 113 Demanden déi inkomplett sin an fir déi den Demandeur d'Emploi schreftlech informéiert gouf, déi fehlend Dokumenter un d'ADEM ze schecken, fir gegebenfalls dann kennen d'Demande ze accordéieren.

Luxembourg, le 15 mai 2026

**(s.) Marc SPAUTZ**
**Ministre du Travail**